

# Geschicht vun den LGS

**D' Lëtzebuurger Guiden a Scouten goufen de 15. Mee 1994 gegrënnt. Dëse Verband ass den Nofolger vum Verband vun de "Lëtzebuurger Scouten" a vum Verband vun de "Lëtzebuurger Guiden".**

- De Verband vun de Lëtzebuurger Scouten (Fédération Nationale des Scouts du Luxembourg - FNSL) huet 1919 déi Scoutstruppen zesummegefaasst, déi deemools - deelweis schonn zënter 1913/1914 - als Sektione vum "Verband der luxemburgischen katholischen Jugendvereine" bestan huet.
- De Verband vun de Lëtzebuurger Guiden (Catholic Luxembourg Girl Guides) ass gegrënnt ginn am November 1938 vum Mgr Pierre Posing. Déi éischt Guidessektioun war d'Sektoun Notre-Dame, Lëtzebuerg-Kathedral.
- D' Lëtzebuurger Scouten an d' Lëtzebuurger Guiden waren zwee Jugendmouvementer, deenen hiert Haaptzil d'Erzéiung vun de Kanner a Jugendleche war. Allebéid hu se dobäi nom Erzéiungskonzept vum Baden-Powell geschafft. Hien huet seng Iddiën a seng Method ufanks vum 20. Jorhonnert, entsprechend de gesellschaftleche Strukture vun deemools, wuel getrennt fir Jongen a Meedercher formuléiert, mee all kéier an der selwechter Zilsetzung an am selwechte Geescht.
- Haut hunn déi gesellschaftlech Strukture geännert. Dofir hunn déi zwee chrëschtlech orientéiert Verbänn, déi déi selwescht Ziler ustriewen, no intensivem Iwwerleeën an Zesammenaarbecht de 15. Mee 1994 decidéiert, an engem eenzege Verband ze fusionéieren.